ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21. Juli 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Arméiminister weiderzeleeden.

D'Iwwerschwemmunge vum 15. Juli 2021 hunn d'Bevëlkerung vun eisem Land schockéiert a viru grouss Erausfuerderunge gestallt. All d'Beräicher vum ëffentleche Liewe sinn duerch dës Katastroph impaktéiert ginn. Wärend an Däitschland d'Bundeswehr Dosende vu Gemenge mat Panzeren, Helikopteren, Camionen, Ambulanzen an Drénkwaasseropbereedungsanlagen, virun allem awer mat iwwer 1000 Zaldote gehollef huet, fir d'Katastroph ënner Kontroll ze bréngen, ginn et hei am Land nach keng kloer Donnéeën, wat d'Hëllef vun eiser Arméi an däser Situatioun ugeet.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Minister:

1) Hunn déi kommunal a staatlech Autoritéite konkret Hëllef bei der Arméi ugefrot? Wa jo, a wéi enge Beräicher (z.B. Waasser- a Stroumversuergung, Kommunikatioun, Evakuéierung) ass Hëllef ugefrot ginn?
2) Kann den Här Minister preziséieren, wat fir Arméimaterial benotzt ginn ass?
3) Wéi vill Militär ass bei dësen Hëllefsaktiounen zum Asaz komm?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten